N°3570
Entrée le 30.01.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 02.02.2026
Chambre des Députés



Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/01/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Digitalisatioun & Konsummenteschutz weiderzeleeden.**

De Phänomen vum "Caller ID Spoofing", bei deem d'Uruffer-ID manipuléiert gëtt fir eng falsch Identitéit virzeginn, stellt eng ëmmer méi grouss Gefor fir d'Privatsphär an d'Sécherheet vun de Bierger duer. Duerch dës Technik ginn dacks betrügeresch Uriff getarnt, wat zu engem Vertrauensverloscht an d'Telekommunikatiounsnetz féiert. An den USA gouf mam STIR/SHAKEN-Protokoll eng technesch Léisung agefouert, déi d'Authentizitéit vun der Telefonsnummer digital verifizéiert.

Och op europäeschem Niveau gëtt verstäerkt iwwer d'Aféierung vu Standarden diskutéiert, fir de "Spoofing" ze bekämpfen an d'Validitéit vun der Identifikatioun vum Uruffer ze garantéieren. Dëst betrëfft net nëmmen numeresch Telefonsnummeren, mee och sougenannten "Alpha-Sender-IDs" (Alphanumeresch Identifikatiounen), déi dacks bei SMS-Servicer vu Banken oder Administratioune genotzt ginn, fir d'Identitéit vum Absender ze fälschen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Plangt d'Regierung, op nationalem Niveau oder an Zesummenaarbecht mat dem Institut Luxembourgeois de Régulation (ILR), technesch Standarden no dem Virbild vun *STIR/SHAKEN,* fir d'Verifikatioun vun Telefonsnummeren obligatoresch anzeféieren?

2. Wéi eng konkret Moossname ginn ergraff, fir de Mëssbrauch vun Alpha-Sender-IDs bei SMS-Servicer ze verhënneren, fir datt dës net méi vun onautoriséierten Drëtte fir Phishing-Zwecker mëssbraucht kënne ginn?

3. Sinn der Regierung Statistiken doriwwer bekannt, wéi vill Fäll vu Bedruch duerch "Caller ID

Spoofing" oder "SMS Spoofing" an de leschten zwee Joer zu Lëtzebuerg gemellt goufen?

4. A wéi engem Mooss bedeelegt sech Lëtzebuerg un den Diskussiounen op EU-Niveau fir d'Harmoniséierung vun de Sécherheetsstandarden am Beräich vun der Identifikatioun vun der Kommunikatioun?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten